# TOP10 N°4: Déi beschte Lëtzebuerger Rieslingspaschtéit 2015!

Rieslingspaschtéit ass net Rieslingspaschtéit! Dat hu mer gemierkt wéi mer bei iwwer 26 Butteker dëse Lëtzebuerger National-Plat kaaft hunn. Fir et direkt ze soen : bal 30% vun de Paschtéite gi vun engem Produzent gemaach an dono bei etlech aner Firma'e geliwwert a verkaaft. Iergendwéi muss déi Rieslingspaschtéit wuel ganz schwiereg ze ma sinn, oder? Et ass effektiv e bëssi de Lëtzebuerger Hamburger, an un hier erkennt een déi richteg Expertise an Handwierkskonscht vum Fabrikant. Mam delikaten Zesummespill vun Ausgesinn, Gelli, Féllung an Deeg fält a steet all Rieslingspaschtéit. Mir (an dir och) wësse lo endlech ween déi beschten am Ländche mecht!

*

## Eis 5 Critèren:

D'Ausgesinn, well als klasseschen Aperitifs-Kascht um sëlwere Plateau vun der Bomi muss d'Paschtéit vum Look hier iwwerzeege kënnen (vu knackeg bronggebak mat dezenter Sträifenoptik a perfekt-geformtem Gellis-Lach bis zu krommgerodenem Wurscht-Look mat ellener Tankstelle-croissant-Ästhetik); de Fleeschgoût (vu raffinéiert-gewierztem Patés-Goût bis zu mat rëffege Fett-Kniet duerchwuessenem Hondsfudder), de Gelli (vum zaart-feste Jelli mat Grand-Premier-Cru Rieslings-Geschmaach bis zu schwabbelegem Gelatine's Gebrösel mat Waasser-Goût), Deeg (vu festem Bliederdeeg mat Charakter bis zum industrielle Papier-Maché's Mix ouni Léift), an dat ganzt nach zu 1/6 ponderéiert mam Verhältnis Gewiicht/Präis (wou kréien ech am meeschten op den Teller fir déi mannsten Euro'en).

*

## Hei eise Ranking:

Den Oberweis huet déi beschte Lëtzebuerger Rieslingspaschtéit 2015!

| Wou? | Präis | Gewiicht (gr) | Ausgesinn | Fleesch | Deeg | Jelli | Final Note |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Oberweis | 3,70 | 176 | 8,0 | 9,3 | 7,3 | 8,5 | **8,0** |
| Winandy | 2,50 | 142 | 6,0 | 8,0 | 8,5 | 8,5 | **7,8** |
| Auchan (Provencale) | 2,20 | 154 | 5,5 | 7,8 | 7,8 | 6,8 | **7,4** |
| Maison Kirsch | 3,50 | 136 | 5,0 | 7,8 | 8,8 | 8,5 | **7,2** |
| Emo | 3,20 | 161 | 9,5 | 6,0 | 6,3 | 6,5 | **7,1** |
| Boucherie Krack | 3,30 | 174 | 5,5 | 9,3 | 6,3 | 6,5 | **7,0** |
| Pain de Mary | 3,60 | 139 | 4,8 | 8,5 | 8,0 | 7,5 | **6,9** |
| Fischer | 3,20 | 163 | 7,0 | 7,5 | 6,5 | 6,3 | **6,9** |
| Kaiffer | 3,80 | 155 | 5,8 | 8,3 | 6,8 | 7,3 | **6,8** |
| Kaempff Kohler | 3,95 | 132 | 9,3 | 7,0 | 7,8 | 4,8 | **6,8** |
| Cactus (De Schnékert) | 2,60 | 135 | 5,3 | 6,8 | 7,0 | 7,5 | **6,8** |
| Boucherie Osweiler | 3,60 | 120 | 6,8 | 7,0 | 6,8 | 7,3 | **6,6** |
| Provencale | 3,40 | 143 | 5,5 | 7,3 | 7,0 | 6,5 | **6,5** |
| Match | 3,20 | 155 | 7,0 | 6,0 | 6,0 | 6,3 | **6,4** |
| Jos et Jean-Marie | 3,65 | 183 | 5,8 | 5,3 | 5,8 | 8,0 | **6,3** |
| Traiteur Steffen | 3,90 | 135 | 6,8 | 7,0 | 6,8 | 5,3 | **6,2** |
| Oswald Niessen | 5,00 | 183 | 6,3 | 6,3 | 8,0 | 5,0 | **6,2** |
| Delhaize (Panelux-Winandy) | 3,50 | 150 | 7,0 | 5,8 | 6,3 | 5,3 | **6,1** |
| Namur | 3,80 | 134 | 5,3 | 7,5 | 6,0 | 6,0 | **6,0** |
| Boucherie Goedert | 3,30 | 141 | 6,5 | 6,0 | 5,3 | 5,5 | **5,9** |
| Schluechthaus Ettelbréck (Provencale) | 3,30 | 170 | 7,5 | 4,0 | 5,0 | 4,3 | **5,5** |
| Boulangerie Scott | 4,99 | 177 | 6,3 | 5,0 | 5,3 | 5,5 | **5,4** |
| Yves Rieffer | 3,50 | 137 | 4,5 | 4,8 | 7,0 | 5,3 | **5,4** |
| Patisserie Hoffmann | 3,65 | 138 | 4,5 | 5,3 | 6,3 | 5,3 | **5,3** |
| Patisserie Kill | 3,75 | 151 | 3,0 | 5,3 | 5,0 | 6,3 | **5,0** |
| Vei vum Sei | 5,30 | 151 | 6,8 | 4,5 | 4,5 | 4,5 | **4,9** |